

Institutione mat hiren alles an allem 10.000 Fonctionnaires an hire Famillje positiv a ganz wichteg fir eist Land. Den Erweiderungsprozess vun der EU bréngt fir Lëtzebuerg an dësem Kontext eng Rei grouss Chancen an Erausforderunge mat sech.

D'Presenz vun den Institutionen ass haut wäitgehend juristescht ofgesécher. Dat heescht awer net, dass mir net mussen vigilant bleiwen, d'Anhale vu bestehenden Accorden iwwerpräiwen, proaktiv probéieren d'Organer hei qualitativ a quantitativ ze stäerken, an och Effortë maachen, fir nei, wichteg EU-Aktivitéiten an d'Land ze brén-gen.

Déi grouss Virdeeler, déi et mat sech bréngt, eng europäesch Hauptstadt ze sinn, brénge selbstverständlech och eng Rei Erausforderungen a Flichte mat sech. De Standuert Lëtzebuerg muss attraktiv sinn, an zwar och a Saache Siège. Eng nohalteg Sëtzipolitik muss een duerfir ëmmer an en internationale Konkurrenzkontext setzen. International Fonctionnaires am Land ze hunn, dat heescht och, hinnen an hire Familljen déi noutwendeg gutt Aarbechts- a Liewensbedingunge bidden ze kënnen. Mir hunn ëmmer dofir gesuergt, dass d'Leit frou sinn, hei bei eis ze kommen. Dat ass eng Viraussetzung, déi op kee Fall ze ënnerschätzen ass, fir och mëttel- a laangfristeg eng grouss Zuel EU-Verwaltungen hei kënnen ze hébergéieren.

Mir sinn elo um gudde Wee, fir eng Léisung ze fanne mat de Gemenge Bartreng a Mamer - dat huet den Här Claude Wiseler, zoustänneg Minister, mer gesot - fir de Bau vun enger zweeter Europaschoul. E Projet de loi ka mat grousser Wahrscheinlechkeet Ufank 2007 hei an der Chamber agereecht ginn.

Et geet hei net nëmmen drëm, dass d'Regierung hir international Obligatioun respektéiert, fir de Kanner vun den Europabeamten e Gebai fir eng Schoul zur Verfügung ze stellen - während iwwregens déi lafend Ënnerhaltskäschten net mussen vun eis iwwerholl ginn -, mä et geet hei och ëm e wesentlech Element vun der Attraktivitéit vun eisem Wirtschaftsstanduert, well dës Schoulen och mussen déi noutwendeg Plaz hunn, fir aner Kanner wéi déi vun den Europa-beamten opzehuelen. Fir déi grouss international Entreprises, déi hei zu Lëtzebuerg usiesseg sinn, oder fir där op Lëtzebuerg ze kréien, muss deenen hiert Personal och sécher sinn, dass hir Kanner hei an internationale Schoule scolariséiert kënnen ginn.

Och d'Fäerdegstellen ouni gréisser Délaie vum neie Centre de conférences um Kierchbiérg ass politesch besonnesch wichteg, fir dass d'Ministeschesconseilen net méi mussen ze vill laang an deene provisoireschen Infrastrukturen um Kiem ofgehale ginn.

Ech brauch lech net ze soen, dass net jiddferee vun de Ministerkolleegen, déi hei op Lëtzebuerg kommen, domadder héich zefridden ass.

Den Ėmbau muss elo geschéien, fir dass och weiderhin zwee Ministerréit an enger erweiderter Unioun kënnen zu Lëtzebuerg parallel ofgehale ginn. Fir d'Medie soll en exzellente Pressezentrum entstoen.

Ech erënnere drun, dass, ausserhalb vun deenen dräi Méint während deenen d'Conseil-Sitzungen zu Lëtzebuerg sinn - also Abrëll, Juni an Oktober -, dës Konferenz-zenter wirtschaftlech ka genotzt ginn. Lëtzebuerg kann da Kongresser hei organiséieren, déi interessant ekonomesch a politesch Retombéeë kënnen hunn, mä déi bis elo wéinst infrastrukturelle Limitatiounen net hei konnten ofgehale ginn.

Mir sinn awer och haut schonn an dësem Beräich aktiv: Zum Beispill hébergéiere mer am Februar eng international diplomatesch Konferenz, déi en neie Protokoll iwwert de Matériel ferroviaire roulant finaliséiert, deen dann och «Protocole de Luxembourg» kéint heeschen. Dës Protokoll steet am Kontext vun der Konventioun vu Kapstadt an der Unifikatioun vum internationale private Recht.

Jiddferee vun lech huet sech jo bestëmmt selwer kënnen dovun iwwerzeegen, wat um Kierchbiérg fir en impressionnante neien Ensemble entsteet, an enger grousser Dynamik, vun där eist ganz Land profitéiert. Ech denke besonnesch un d'Vergréisserunge

vum Europäesche Gerichtshaff, der Investitionsbank a vum Rechnungshaff. D'Generalsekretariat vum Europaparlament kritt en neie Komplex, deen et him erlabe wäert, all seng Servicer zu Lëtzebuerg an engem eenzege Gebai ze konzentréieren. Och d'Zil, fir bis 2012 d'Servicer vun der Europäescher Kommissioun an engem Ersatzgebai fir de Jean-Monnet ënnerzebrén-gen, bleift ee ganz wichtigen Dossier.

Fir all dës verschidden Entwécklungen, déi awer all matenee verbonne sinn, wëll ech all deene verschiddenen Administratiounen e grouse Merci soen - virun allem mengem Kolleg Claude Wiseler -, déi mat vill Engagement an der Siège-Politik matschaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2007 gëtt e wichtegt Joer fir d'Europäesch Unioun, e Joer, wou d'Jalonë mussen gesat ginn, fir dass den Integrationsprozess weidergeet, fir dass d'Unioun sech weiderentwéckelt; e Joer, wou mir mat gemeinsamen Ambitiounen d'Zukunft vun Europa gestalten müssen.

D'Regierung wäert an dëser wichtiger Phas natierlech enk mat der Chamber zesummeschaffen. Eist Zil muss et sinn, den europäesche Prozess an eng Richtung, en ligne mat eisem Engagement fir e politesch Europa, fir „méi Europa“ weiderzedreiwene.

Et ass dat en Engagement, dat sech, wéi eis ganz Aussepolitik, aschreift an d'Kontinuitéit an och an d'Kohärenz. Et ass dat en Engagement, dat eisen Iwwerzeegungen an eisem Interessi entsprécht.

Ech soen lech e grouse Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech ginn dem Här Ausseminister Akt vu senger Deklaratioun, déi mer - sou wéi mer dat virdrun arrétéiert hunn - muer de Mëtteg hei am Plenum diskutéiere wäerten.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Sociétés commerciales.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Flesch, den Här Klein, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Patrick Santer. An den Här Mosar kënn presidéieren.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)



8. 4992 - **Projet de loi modifiant**

1. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales,

2. la loi du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises et modifiant certaines autres dispositions légales,

3. la loi du 25 août 2006 concernant la société européenne (SE), la société anonyme à directoire et conseil de surveillance et la société anonyme unipersonnelle

Rapport de la Commission juridique

» **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Restrukturatiounen vu Gesellschaften sinn am Gesellschaftsliewe gängeg an onëmgängelech. Si kënnen kommerziell Ursachen hunn, si kënnen och nëmme juristescht oder steierlech motivéiert sinn. Duerfir mussen mer déi Instrumenter, déi Prozeduren, an eisem Gesellschaftsrecht virgesinn, fir dem Besoin vun den Investisseuren gerecht ze ginn. Sou verbessere mer d'Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg, mä mir kënnen esou och d'Bedingungen an d'Prozedure bestëmmen, déi eng ongeregelt Entwécklung an eng ongeregelt Uwendung vu Restrukturierungsmoossnamen vermeiden, fir d'Rechter an d'Flichte vun deene verschiddenen Acteuren an Drëttpersonen virzeschreiwen.

Déi Ännerunge vum Gesetz vum 10. August 1915 iwwert d'kommerziell Gesellschaften, déi mir elo wäerte virhuelen, sinn extrem technesch an net einfach an zéng Minuten oder och e bësse méi ze erklären.

Ech wäert mech also op déi wesentlech Punkte vu mengem schrëftleche Rapport

beschränken an lech gläichzäiteg dann och op dee schrëftleche Rapport, wou der d'Detailer kënn dann noliessen, verweisen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Ech wollt lech awer och nach dorop opmierksam maachen, datt mer bei dësem Projet de loi zwou Oppositions formelles vum Statsrot, déi zu fundamentale Punkte vun dësem Projet de loi gemaach goufen, net iwwerholl hunn, an d'Kommissioun unanime entscheet huet, dësen Oppositions formelles net Rechnung ze droen. En zweete Vote constitutionnel wäert also noutwendeg sinn.

De Projet de loi hat am Ufank dräi Voleten. Ee vun deenen ass erausgeholl ginn. En neie gouf vun der Kommissioun bäigefügt. De Volet, deen erausgeholl gouf, hätt derzou gefouert, datt d'Kritären, no deenen eng Gesellschaft als kommerziell Gesellschaft ugesi gëtt, fundamental geännert hätten. Bis elo huet eng Gesellschaft eng kommerziell Natur, wa se eng vun deene siwe Gesellschaftsformen - d'Société anonyme, d'Société à responsabilité limitée, d'Société en commandite simple, d'Société en commandite par actions, d'Kooperativ, d'Société européenne an d'Société en nom collectif - ugeholl huet, egal ob déi Aktivitéit, déi se ausübt, ziviler oder kommerzieller Natur ass.

Zum Beispill, wa sech zwee Architekten, wat och eng zivil Aktivitéit ass,...

(Coups de cloche de la Présidence)

...zesummeleeën an eng Société anonyme grënnen, da bleift et eng kommerziell Gesellschaft, dat heescht, si kann a Faillite gesat ginn a si muss eng kommerziell Kontabilitéit virweisen.

De Projet de loi wollt dës säit 1915 gültige System vun der Commercialité par la forme duerch en aneren, nämlech dee vun der Commercialité par l'objet ersetzen. Do geet et net duer, datt een einfach d'Gesellschaftsform kuckt. Do muss gepréift ginn, wat fir eng Aktivitéit, zivil oder kommerziell, effektiv ausgeübt gëtt. No dësem an der Belsch benotzte Modell kann eng Société anonyme, déi eng zivil Aktivitéit huet, net a Faillite gesat ginn.

D'Zil vun der Regierung war et, dem Fräiberuffler ze erlaben, sech ënner eng kommerziell Gesellschaftsform ze strukturéieren. D'Kommissioun huet der Chambre des Métiers, der Chambre de Commerce an dem Statsrot Recht ginn an dee Volet aus dem Projet de loi erausgeholl. De System vun der Commercialité par la forme ass méi einfach ze handhaben, zum Beispill wann eng Gesellschaft souwuel kommerziell wéi och zivil Aktivitéiten ausübt. An et geet net duer, d'Gesellschaftsrecht ze änneren, fir datt Fräiberuffler kënnen eng kommerziell Gesellschaft grënnen. Déi deontologesch Regeln, d'Responsabilité professionnelle a Steierfroen mussen fir d'éischt geregelt ginn. Dofir bleiwe mir bei der Commercialité par la forme.

Den zweete Volet vum Projet de loi, dee vum Statsrot begréisst gouf, ass d'Ausdehnung vu Fusiounen a Scissiounen. Bei enger Fusioun absorbéiert eng Gesellschaft eng aner, déi also verschwénnt, oder zwou oder méi Gesellschaften di sech zesummen. A bei enger Scissioun spléckt sech eng Gesellschaft an zwou oder méi nei Gesellschaften. Bis elo waren dës zwou Restrukturatiounsmoossnamen der Société anonyme virbehalen. Zum Beispill konnten nëmmen zwou Sociétés anonymes fusionéieren.

Duerch dës Projet de loi ginn d'Fusions- an d'Scissionsoperatiounen op déi aner Gesellschaftsformen an dem Groupement d'intérêt économique opgemaach. Dobäi kann eng Lëtzebuerger Gesellschaft oder e Groupement d'intérêt économique mat enger auslännescher Gesellschaft oder engem Groupement d'intérêt économique fusionéieren oder bei enger Scissioun matmaachen - wann natierlech dat auslännescht Gesetz dat och erlaabt. Esou gëtt eng gewësse Praxis vun internationale Fusiounen a Scissiounen an en Text, an d'Gesetz ageschriwwen.

Beim drëtte Volet hate mir gewësse Problemer mam Statsrot. Hei huet de Statsrot seng zwou Oppositions formelles gemaach. Et geet hei ëm zwou nei Restrukturatiounsméiglechkeeten: den Transfert d'actifs an den Transfert de patrimoine professionnel.

Bei enger Fusioun a Scissioun ginn Actifs a Passifs transferéiert - Clienten, Scholden, Immeublen -, mä eng oder méi Gesellschaft verschwannen duerch d'Fusioun oder d'Scissioun. Zum Beispill verschwannen déi Gesellschaften an enger Scissioun, dat heescht enger Dissolution sans liquidation, an eng nei Gesellschaft kënn amplaz.

Bei engem Apport en nature - dat heescht, wann een eppes anescht es eragëtt wéi Suen an eng Gesellschaft, fir dogéint Aktien ze kréien - verschwénnt zwar den Apporteur net, mä et kënnen nëmmen Actifs iwwerdroen ginn.

Bei engem Transfert d'actifs verbënnt een d'Avantagë vun der Fusioun - dat heescht Transfert d'actifs a passifs - mat deene vum Apport en nature, well den Apporteur net verschwénnt. Den Apport ka géint Aktië gemaach ginn, oder wann dat den Intérêt social ass fir näischt. Esou kënn Der Actifs a Passifs transferéieren, zum Beispill Schold, Créancen, Immeublen, Kontrakter mat Clienten, Kontrakter mat Fournisseurs, wat bis elo net méiglech war.

Beim Transfert vum Patrimoine professionnel kënnen och Actifs a Passifs transferéiert ginn, ouni datt den Apporteur verschwénnt. Den Ënnerscheed par rapport zum Transfert d'actifs ass éischstens, datt dësen Transfert vun enger Gesellschaft oder vun enger Privatpersoun ka gemaach ginn, an zweetens, datt dësen Transfert entweder fir näischt oder fir eng aner Contrepartie, net nëmmen Aktien, ka gemaach ginn. Esou kann eng Gesellschaft en Deel vun hirem Patrimoine un eng Privatpersoun oder eng aner Gesellschaft transferéiere fir näischt oder enger Contrepartie, déi net an Aktië besteet. Also kann och eng Privatpersoun hire Patrimoine professionnel cédéieren, wéi dat bei enger Cession de fonds de commerce de Fall ass, woubäi awer bei enger Cession de fonds de commerce nëmmen Actifë kënnen transféréiert ginn.

Bei deenen zwou Nieegkeeten, déi de Besoinë vun der Praxis Rechnung droen, hat de Statsrot jeeeweils eng Opposition formelle ageluecht. Dës Oppositions formelles fousen awer net - an dat wëll ech awer betounen - op iergendenger Verletzung vun der Verfassung, vun engem Traité oder vum europäesche Recht.

D'Kommissioun huet sech géint dës Oppositions formelles entscheet, well se der Mee-nung war, datt dës zwou nei Strukturen noutwendeg sinn, a besonnesch well d'Grënn, déi de Statsrot uginnt huet, net iwwerzeegend waren.

Et géif mech nach méi wäit féieren, fir lech op all déi Oppositions formelles an déi onbegrënnte Begrënnung zrëckzeféieren an déi opzelëschten. - Souwisou, ech spieren, ech hu keng grouss Begeeschterung hei am Plenum.

(Interruptions)

Mä ech verweisen lech, fir déi, déi wierklech interesséiert sinn - an, Här Mehlen, Dir zielt dozou -, op d'Säite 7 bis 16 vu mengem schrëftleche Rapport, a wann Der Froen hutt, kënn Der se da stellen.

Ech wëll just soen, datt den Transfert d'actifs scho säit 1995 an der Belsch besteet an datt den Transfert de patrimoine professionnel op eng Schwäizer Initiativ aus dem Joer 2000 zrëckgeet.

De leschte Volet vum Projet de loi ass op eng Entscheidung vun der Kommissioun a vun där selwer zrëckzeféieren. Materiell Feeleren, déi sech a verschidde Gesetzer iwwert d'Gesellschaftsrecht befonnt hunn, sinn elo behuewe ginn.

Déi eenzeg méi substanzuell Ännerung ass, datt bei den Acomptes sur dividendes, déi vum Verwaltungsrot oder vum Directoire kënnen ausbezuelet ginn, déi zäitlech Restrictionen ewechfalen.

En effeet konnt bis elo während deenen éischts sechs Méint vum Geschäftsjoer keen Acompte sur dividendes ausbezuelet ginn. A wann dat eng Kéier gemaach ginn ass, huet een nach missen dräi Méint waarden, bis dat den nächsten Acompte huet kënnen beschloss ginn. Dës Restrictionen fallen elo ewech an et ass dem Organe de gestion vun der Société européenne oder vun der Société anonyme eleng fräigeloss, ob, wéini, wéi dacks a wéi héich dës Acompté wäerte sinn, dat natierlech ënnert deene Bedingungen a Prozeduren an ënnert der Opsicht vun den Aktionären, wéi dat bis elo de Fall ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen technesch en komplexe Projet de loi wäert dozou bäidroen, datt mir um Niveau vum Gesellschaftsrecht weiderhi kompetitiv bleiwen, a wéinstens op dësem Plang si mir op Lissabon-Kurs.

D'Kommissioun huet dës Projet de loi an de schrëftleche Rapport unanime guttgeheescht, an d'Fraktioun vun der CSV mécht datselwecht.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Santer Merci. Als éischt Riednerin ass d'Ma-

dame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch** (*DP*).- Här President, léif Kolleegen, de Projet de loi 4992 iwwert d'Sociétés commerciales ass, wéi de Rapporteur et zu Recht gesot huet, e ganz technesche Projet. Ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir seng exzellent Analys vun deem Projet, notament a sengem schrëftleche Rapport, wou e méi an d'Detailer gaangen ass, awer och a sengem mëndleche Rapport, deem hien elo grad virgedroen huet, an ech wëll net fir mäin Deel am Detail op all déi Dispositiounen agoen. Ech wëll awer e puer allgemeng Bemierkunge maachen.

Wéi scho gesot ginn ass, hat dee Projet am Ufank dräi Voleten:

Deen éischten Deel, do ass et drëm gaang, den Artikel 3 vum Gesetz vun 1915 ze modifiéieren, fir vum Système de la commercialité par la forme op de Système de la commercialité par l'objet iwwerzegoen. Déi Dispositiounen hu mer an der Kommissioun opginn a mir sinn domadder dem Wonsch gefollegt vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre de Commerce an och vum Conseil d'État.

Den zweete Volet, dat war d'Extensioun vum Champ d'application vun de Fusiounen a Scissiounen un aner Forme vu Gesellschaften wéi d'Société anonyme de droit luxembourgeois. Doduerjer, dass mer dat maachen, kréie mer eng nei Flexibilitéit, déi, ech mengen, de Besoinë vun de wirtschaftleche Milieuen entsprécht.

Drëttens ginn nei Mechanismen agefouert, nei Mécanismes juridiques vu Restructuration vu Gesellschaften duerch den Transfert d'actifs, vu Branche d'activité oder d'universalité an den Transfert vum Patrimoine professionnel.

Wann een e Projet wéi deen heiten diskutéiert, da freet ee sech wierklech, ob et vläicht net besser wär et op Franséisch ze maache wéi op Lëtzebuergesch, wou een ëmmer erëm muss esou juridique Notiounen am Franséische mat an ons Sprooch eranhuelen. Wéi deem och ass, déi Dispositiounen, déi hei virgeschloe sinn an deenen d'Commission juridique nogaangen ass, hunn, wéi de Rapporteur et gesot huet, zwou Oppositions formelles vum Conseil d'État suscitéiert a sinn also derwäert, dass ee sech domadder e bësse méi ausféierlech beschäftegt.

Ganz allgemeng approvéeiert ons Fraktioun de Projet de loi. Ech wëlt awer folgend Bemierkungen dozou maachen:

Et schéngt mer eng gutt Saach ze sinn, dass mer de Volet 1 abandonnéiert hunn, mä et schéngt mer dann awer och néideg ze sinn, dass ee sech freet, wéi mer sollen an der Zukunft hei virgoen, an ob een net soll higoen, fir d'Gesetz iwwert d'Professions libérales ze reforméieren, fir et deene Leit ze erméiglechen, sech ënnert der Form vun enger Société commerciale ze constituéieren. Dat ass e Wonsch, dee verschiddentlech un ons erugedroe ginn ass, an deen, mengen ech, och der Entwécklung vun der wirtschaftlecher Zeen entsprécht. A wann een dat seet, dann, mengen ech, an dat ass den zweeten Deel, muss een och an Zukunft de Cadre fiscal preziséieren.

Zum zweete Volet géing ech soen, dass d'Extensioun vum Champ d'application vun de Fusiounen an de Scissiounen eng gutt Saach ass, déi och der Entwécklung vun der wirtschaftlecher Welt entsprécht, notament en fonction vun der europäescher Integratioun. Ech géing hei awer de Minister wëlle froen: Wéi ass et mat enger méi globaler Reform vum Gesetz vun 1915, fir dass mer voll a ganz kënnen den Dispositiounen vun der Direktiv 2005/56/CE an der Direktiv 2006/68/CE vun der Communauté européenne entsprechen?

Beim drëtte Volet, do geet et ëm den Transfert d'actifs, de branche d'activité ou d'universalité an den Transfert vum Patrimoine professionnel, souwuel fir d'Personnes physiques wéi fir d'Personnes morales. Do hu mer dann déi Oppositions formelles vum Conseil d'État. D'Kommissioun huet décidéiert, sech driwwer ewechzesetzen.

Dat, menge mir, wär och eng gutt Saach, well déi Dispositiounen, esou wéi se elo am Gesetz proposéiert sinn, erlaben d'Instrumenter ze diversifiéieren, déi de Gesellschaften d'Méiglechkeet ginn, eng Restructuration duerchzezéien, sief dat aus juristeschen, steierlechen oder kommerziellen Iwwerleeungen eraus. Déi Dispositiounen stellen de Gesellschaften eng méi vollstänneg Gamme vu Procédure fir d'Restructuration zur Verfügung a ginn de Gesellschaften d'Méiglechkeet, e Choix ze treffen, fir dee Mechanissem erauszesichen, deen am

beschten adaptéiert ass, fir hire Besoinen ze entsprechen.

Weinst all deenen Ursaachen ass ons Fraktioun der Meenung, dass een déi Décisioun vun der Commission juridique soll ënnerstëtzen, an aus all deenen Ursaachen eraus ass ons Fraktioun der Meenung, dass mer sollen de Projet de loi stëmmen.

Erlaabt mer awer, Här President, nach eng Bemierkung zum véierte Volet ze maachen, deen am ursprünngleche Projet net dra war, mä deen d'Kommissioun dobäigesat huet, fir d'Gesetz vum 25. August 2006 an d'Gesetz vum 19. Dezember 2002 ze modifiéieren oder ech géing éischter soen ze compléieren.

Do wëll ech eng Observatioun maachen, déi huet am Fong och mam nächste Projet, deen op onsem Ordre du jour steet, dem 5562, dee sech och mat de Sociétés commerciales beschäftigt, ze din. A mat Ärer Erlaabnis, Här President, géing ech mer erlaben och kuerz zu deem Projet Stellung ze huelen, da brauch ech duerno net dorop zrëckzekommen.

Och zu deem Projet wëll ech den Accord vu menger Fraktioun bréngen. Ech weisen dorop hin, dass dee Projet engersäits d'Dispositioun suppriméiert, déi virgesinn hat, dass den Taux minimal, ënnert deem d'Aktiounen vun enger Société anonyme net kënnen ausgestallt ginn, an deen op 1,24 Euro virgesi war, suppriméiert gëtt, an dass déi Suppressioun vum Taux minimal och op d'Société à responsabilité limitée erweidert gëtt. Déi zwou Dispositiounen, mengen ech, missten dorop erauskommen eng Gêne ze suppriméieren, déi déi wirtschaftlech a finanziell Milieue verschiddentlech virgedroen hunn an déi och dozou gefouert huet, dass eng Partie auslännesch Entreprises, déi vläicht dru geduecht haten, hire Siège op Lëtzebuerg ze bréngen, dat dann definitiv net gemaach hunn.

Déi Dispositioun aus deem nächste Projet awer, déi mech am staarksten interpelléiert huet, dat ass d'Abrogatioun vum Prinzip vun der Autorisation, déi de Mann senger Fra muss gi bei enger Prise de participation an enger Société commerciale oder an enger Société civile souwéi bei den Actes d'administration, déi seng Fra a Qualitéit vun Associée poséiert.

Déi Dispositioun war selbstverständlech obsolet säit dem Vote vum Gesetz vun 1972 iwwert d'Reform vun de Régimes matrimoniaux. Ech weess net, ob nach ganz vill Leit an dëser Chamber sinn, déi dat Gesetz matgestëmmt hunn; ech hunn et deemools mat grousser Iwwerzeegung matgestëmmt, a mir waren ons bewosst, dass mir vläicht dat eent oder dat anert, wat nach an anere Gesetzer bestanen huet, iwwersinn hunn. Dat ass an deem Fall geschitt, an déi Dispositioun ass an dem Recueil des textes saithier gefouert ginn als implizit ofgeschaf, mä si war net expressément explizit ofgeschaf. Dat war also eppes, wat mer deemools iwwersinn haten.

Dat bréngt mech dozou eng Observatioun opzegräifen, déi ech scho verschiddentlech a Kommissiounen virgedroen hunn an déi d'Organisation vun onsem Parlament betrëfft: Mir si wahrscheinlech dat eenzegt Parlament op der Welt, wat kee Service juridique huet, dee genügend étofféiert ass, dass e kann iwwert d'Mise en forme vun de legislativen Texte waachen.

Mir stëmmen hei Gesetzer, mir stëmmen Amendementen, mir stëmme se souguer am Plenum, an da geet d'Gesetz op säi Wee. Wat d'Incidencë kënnen op aner Gesetzer sinn, déi bestinn, kënnen och net gekuckt ginn. Wann de Rapporteur sech Rechenschaft dovunner ofleet, tant mieux. An ech wëlt hei onsem Rapporteur, dem Kolleeg Patrick Santer, Merci soen, dass hien dee véierte Volet am Gesetz 4992 duerchgezunn huet, mä dat weist drop hin, dass mer bei der éischter Lecture 2006 an 2002 eng ganz Partie Saachen iwwersinn haten.

An et ass och net deen eenzege Jurist, dee soi-disant de Service juridique vun onser Chamber ass, deen Zäit huet, gesinn seng aner Aufgaben, fir sech där Aufgab ze widmen.

Ech menge wierklech, Här President, dass et un der Zäit wier, dass de Büro vun onser Chamber sech soll Gedanken doriwwer maachen. Elo kann ee mer soen: Mir hu jo awer de Service de législation vun der Regierung. Deen denkt och u verschidde Saachen, mä iwwert dat, wat mir a leschter Minutt hei an der Chamber décidéieren, kann en net nogeduecht hunn, well e ka jo net eppes dovou gewosst hunn. An et wär also scho wichteg, dass hei an der Chamber e Service wär, dee sech kéint där Aufgab unhuelen.

Här President, au bénéfice vun dësen Observatiounen wëll ech nach eng Kéier den

Accord vun onser Fraktioun confirméieren zu de Projets de loi 4992 a 5562 an lech alleguerte Merci soen, dass Der mer nogelauschtert hutt.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean-Pierre Klein** (*LSAP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir säin explizite Rapport.

Den Hauptuleies vun deem Projet de loi besteet dodran, fir d'Gesetz vun 1915 iwwert d'Sociétés commerciales ze moderniséieren a weider ze liberaliséieren. 1987 ass dëst Gesetz schonn deelweis restrukturationstechnesch liberaliséiert ginn duerch d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv. An anere Wieder: Dëse Projet de loi huet d'Ambitioun, den Handelsgesellschaften wéi och de Groupements d'intérêt économique eng grouss Unzuel u Restructurationsméiglechkeeten ze ginn. Bis elo war et just den anonyme Gesellschaften virbehalen, e puer Zorte vun esou Operatiounen ze ënnerhuelen, wéi zum Beispill d'Méiglechkeet mateneen ze fusionéieren. Ausgeschlossen sinn allerdéngs déi landwirtschaftlech Gesellschaften an d'A.s.b.l.en.

Déi nei Restructurationsméiglechkeeten, déi dëst Gesetz virgesäit, kënnen also an dräi Voleten opgedeelt ginn:

Deen éischte Volet vum Projet de loi gesäit vir, déi aktuell Reglementatiounen iwwert d'Fusiounen an d'Scissiounen, vun deene bis elo nëmmen déi anonym Gesellschaften betraff waren, och bei villen anere Forme vu Gesellschaften a Groupements d'intérêt économique unzewenden. Den aktuelle Rechtskader, wat d'Fusiounen an d'Scissiounen vun de Gesellschaften ubelaangt, betrëfft no der jëtzege Gesetzgebung nëmmen anonym Gesellschaften. Et ass vun enger fundamentaler Wichtigkeet dëse Rechtskader op déi aner kommerziell Gesellschaftstypen ze erweideren, fir datt eist Land am Verglach mat eisen Nopeschlänner kompetitiv an attraktiv fir auslännesch Entreprisë bleift.

Déi däitsch, franséisch a belsch Gesetzgebung si scho vill méi breet gefächert wat d'Restrukturationsoperatiounen vu Gesellschaften ugeet. Duerfir ass et de But vum neie Gesetz ville Gesellschaftsformen, déi eng Personalitéit juridique hunn, an och de Groupements d'intérêt économique eng grouss Ouverture fir dës Restrukturationsoperatiounen ze ginn an esou fir e kompetitive Rechtskader ze suergen. An deem Kader gesäit dëse Projet de loi vir, och Fusiounen a Scissiounen vu Gesellschaften iwwer eis national Grenzen ewech ze erméiglechen an ze reglementéieren, virausgesat datt sech déi auslännesch Gesetzgebung deem net opposéiert.

Bis elo hat eis Gesetzgebung, ofgesi vun anonymen Gesellschaften, keng transnational Fusiounen oder Scissiounen erlaabt. Doriwwer eraus ass 2005 och eng EU-Direktiv ausgeschafft ginn, déi d'transnational Fusiounen zwëschent de Memberlänner wäert vereinfachen.

Den zweete Volet vum Projet de loi betrëfft d'Aféierung vun neie Restrukturierungstechniken an eis national Gesetzgebung. Momentan gesäit d'Gesetz, ofgesi vun Transferte vun Actifs, Parten oder Aktien, nëmmen zwee Restructurationsmechanisme vir: den Apport en nature souwéi d'Fusiounen an d'Scissiounen vun anonymen Gesellschaften.

Zwou nei Transfertstechniken, déi dëse Gesetzesprojet virgesäit, erweideren d'Gamme vun de Méiglechkeeten:

Engersäits den Transfert vun Aktivitéitsbranchen oder vum ganze Patrimoine, vun der Universalitéit: Dës Operatiounen erméiglechen enger Gesellschaft, entweder eng vun hiren autonomen Aktivitéitsbranchen, also een Deel vun der Gesellschaft mat all de verbonnenen Actifs a Passifs, oder awer souguer hire ganze Patrimoine an engem Akt enger oder méi Gesellschaften ofzetrieden, ouni dobäi opgeléist ze ginn. D'Contrepartie fir dës Transferte sinn d'Aktien, d'Parten oder eventuell eng Kompensatioun a Form vu Suen.

Anerersäits den Transfert vum Berufspatrimoine: D'Auteurs vun deem Projet de loi hunn et bewosst vermieden, eng genau Definitioun vum Berufspatrimoine ze ginn, fir datt dës Notioun kann am Laf vun der Zäit un ekonomesch Gegebenheeten an Entwécklungen adaptéiert ginn.

De Projet de loi gesäit vir, datt den Transfert vum Berufspatrimoine sech am berufflechen Aktivitéitsfeld ofspille muss, wann et sech ëm physisch Persounen handelt. Dës

large Definitioun huet dozou gefouert, datt de Statsrot der Meenung ass, datt den Transfert vum Berufspatrimoine, zumindest wat d'physisch Persounen ubelaangt, géint deen Indivisibilitéitsprinzip vum Patrimoine verstéisst.

(Hilarité)

Den drëtte Volet vum Projet de loi hat d'Ofschaffung vum Principe de commercialité par la forme virgesinn. Déi geplangten Ofschaffung vun deem Prinzip geschitt am Hëllek fir méiglechst villen ekonomeschen Akteuren déi nei Techniken ze erméiglechen. Momentan ass d'Situatioun kloer.

Elo, wann eng Gesellschaft gegrennt ass ënner enger vun deene siwe genannten Type vum Gesetz vun 1915, déi d'Personnalité juridique huet, ob den Objet civil oder commercial ass, ass se eng Handelsgesellschaft, eng Société commerciale, an ënnerläit de Regele vum Handelsrecht. Dat huet eng Inzidenz op d'Kompetenz vun de Gerichter, op d'Beweisführung an och en matière vun der Faillite.

D'Kritik si selbstverständlech zu deem Projet de loi net ausbliwwen. Vun engem generelle Standpunkt hier begrëssen d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce de Projet de loi, deen all dës Méiglechkeete fir eng grouss Zuel vu Gesellschaften erheblech vergréissert an esou zur Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg bäidréit.

D'Haaptkritiken vun de Berufschamberen a vum Statsrot betreffen d'Ofschaffung vum Prinzip vun der Commercialité par la forme an déi nei Restrukturationstechniken. Deenen dräi Avisen no féiert d'Ofschaffung vum Principe de la commercialité par la forme zu enger Rechtsunsécherheet, wat am Fong kontradiktöresch zu den Objektiv vum deemem Projet de loi ass. Et soll jo e Schrëtt no vir sinn.

D'Ofschaffung géing eng hybrid Rechtssituatioun schafen, an där déi nei Sociétés civiles à forme commerciale net wëssen, wéini se wéi enger Gesetzgebung wäerten ënnerleien. Tatsächlech wäert dann d'Form vun der Gesellschaft den Dispositiounen vum Droit commercial ënnerleien, währenddeem aner Aspekter vun der Gesellschaft no dem Zivilrecht geregelt wäerte ginn.

Déi Situatioun wäert an hiren Aen een immense Chaos mat sech bréngen, ënner anerem um Niveau vum Faillitesrecht, vun der Gesetzzoustännegkeet oder vun de Fakturationsregelen. De Statsrot proposéiert duerfir, dësen Deel vum Gesetzesprojet falen ze loossen, a leet eng Opposition formelle an. D'Commission juridique huet de Virschlag vun de Berufschamberen souwéi dem Statsrot ugeholl an huet dee ganze Volet vun der Uschaffung vum Principe de la commercialité par la forme aus dem Projet gestrach.

Wat den Transfert vum Berufspatrimoine ubelaangt, esou sinn de Statsrot wéi och d'Chambre de Commerce der Meenung, datt dës Notioun wäert fir vill Rechtsrisike suergen, zumools wann eng individuell Entreprise oder respektiv an eng physisch Persoun mat am Spill ass. Am Prinzip ass de Patrimoine vun enger Persoun no der Lëtzeburger Gesetzgebung net deelbar. Des Weidere stellt de Statsrot sech d'Fro, no wéi enge Kritären d'Opdeeling zwëschent privatem a professionellem Patrimoine vun enger physischer Persoun definéiert ass.

De Statsrot wéi och d'Chambre de Commerce roden dem Législateur of fir dëse Volet an de Projet de loi anzebannen, well en an hiren Ae widderstreechlech ass a wäert fir Rechtsunsécherheet suergen. Dëst treëft besonnesch fir Créancierinnen zou, déi meeschtens als Gage général net nëmmen de Berufspatrimoine, mä oft den integrale Patrimoine an hire Calcul abezéien, wa se enger Gesellschaft zum Beispill Sue léinen. Aus all dëse Grënn huet de Statsrot eng Opposition formelle ugemellt.

Wat den Transfert vun den Aktivitéitsbranchen oder vum ganze Patrimoine ubelaangt, esou huet de Statsrot och seng Bedenken. Sou zum Beispill ass de Statsrot net vum ekonomesche Sënn vu verschiddenen Operatiounen iwwerzeegt, oder gesäit d'Sécherheet vun de Créancierinnen a Fro gestallt. Och do huet en eng Opposition formelle ageluecht.

D’Kommissioun huet decidéiert, sech iwert déi zwou formell Oppositione vum Statsrot, wat de beruffleche Patrimoine an déi aner Méiglechkeet vu Restrukturatioun ubelaangt, ewechzesetzen, mat folgender Argumentatioun: De Beruffspatrimoine existéiert am lëtzebuergesche Steiergesetz an därerf als Exceptioun zum Ondeelbarkeetsprinzip vum Patrimoine interpretéiert ginn. Et ass net verbueden, eng Notioun, déi am Steierrecht hir Plaz huet, am Zivilrecht ze iwwerhuelen.

Déi aner Méiglechkeeten erlaben et der Gesellschaft, méi flexibel ze ginn an eng ekonomesch attraktiv Rechtslag opzebauen. D’Gesellschaft kënne verschidden Aktivitéitsbranchë kafen, verkafen, tauschen oder souguer gratis ofrieden.

Des Weidere wäerten d’Interesse vun de Créancier an Drëttpersonen ausreechend geschützt bleiwen, vu dass d’Sécherheetsgarantië vun de Fusiounsprozeduren, déi elo scho fir anonym Gesellschaften a Kraaft sinn, op déi aner Operatiounen iwwerdroe ginn.

Voilà, mir fannen, dass déi Argumentatioun, déi d’Commission juridique ginn huet, ubruecht ass. An ech géing och zu deem Projet de loi den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Klein Merci. Als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d’Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun als Éischt dem Rapporteur Merci soen, net nëmme fir säi Bericht, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen, mä och fir déi Aarbecht, déi mer an der Kommissioun gemaach hunn ënnert der Égide vum Président rapporteur.

Et ass eng ganz komplizéiert Matière. An et soll ee fairerweis unerkennen, dass ouni de Bäitrag vum Rapporteur et fachlech schwieereg gewiescht wär fir d’Kommissioun ze diskutéieren. Et ass wierklech eng ganz technesch Matière. An do gëtt et net nëmmen Experten. Ech mengen, dat kann och kee verlaangen. Säi Bäitrag huet mat Sécherheet d’Diskussioun an der Kommissioun erlichtert.

Mir wëllen och als Gréng elo net nach eng Kéier de Rapport virliesen...

(Hilarité)

...a maachen, wéi wann dat elo alles op der grénger Mëscht gewuess wär. Am Géigendeel.

Mir wëlle just éischter op en anere Punkt hiweisen. Mir wäerte mat deem Gesetz eigentlech méi oder wéineger fir sämtlech Rechtsforme vun de Sociétéite praktesch all Restrukturierungsinstrumenter, déi et gëtt, méiglech maachen. Fir et an engem Saz wéi an honnert ze soen: Dass een also all déi Tricken net méi brauch, déi oft an der Vergaangenheet gebraucht gi sinn, fir bestëmmten Dispositiounen ze ëmgoen op eng legal Aart a Weis - beispillsweis dat vum Ausschëdde vun Dividende während dem Joer -, woufir et eng ganz Artillerie vu Mesurë gëtt, fir déi kënnen op eng legal a méi oder wéineger elegant Aart a Weis ze ëmkurven.

Haut wëlle mer mat deem Gesetz derfir suergen, dass dat net méi noutwendeg gëtt, doduerch, dass mer grondsätzlech all Restrukturierungsinstrumenter fir sämtlech Sociétéitsforme wëlle legaliséieren. - Sou, mengen ech, kéint een et résuméieren.

Mir wëllen awer als Gréng dorop opmierksam maachen, dass dat net nëmme Virdeeler huet, dass et och e Problem gëtt. Mir hunn am Kontext vun der Finanzpolitik vum Stat an de leschte Joren als gréng Fraktioun oft dorop higewisen, dass mer net nëmme bei den Dépensë mussen oppassen, mä dass mer och recettësäiteg mussen oppassen. Mir deelen do net déi positiv Aschätzung vun der Regierung, déi ëmmer seet, dass mer recettësäiteg kee Problem hunn an dass mer nëmme musse bei den Dépensen oppassen. Mir sinn als Gréng schonn der Meinung, dass et och bei de Recetten an deem Stat verschidden Elementer gëtt, déi op wackelege Féiss stinn.

Ee vun de Problemer ass, dass et haut de Betriber méiglech ass, duerch dat, wat ee „fiscal engineering“ nennt, trotz héije Gewënner keng Steieren an deem Mooss un de Stat ofzeféieren.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Et kann een am europäesche Wirtschaftsraum duerch eng ganz geschéckt Opdeelung tëscht der Mammegesellschaft engersäits, de Betriber oder dem Finanzinstitut oder de Filialen anerersäits, et fäerdeg bréngen, d’Steierlaascht ëm praktesch d’Integralitéit erofzedrécken, sou dass also am Resultat d’Gewënner net schlussendlech do besteiert ginn, wou se erwirtschaft gi sinn.

Wann een also op där enger Säit e Gesetz mécht, fir do déi ganz grouss Flexibilitéit anzeféieren, da misst een awer och, an dat ass eng Fro vu Steiergerechtegkeet, op där anerer Säit sech mat der Fro beschäftege vum „fiscal engineering“. Do hu mir d’Gefill, dass hei zu Lëtzebuerg mat vill manner Opmierksamkeet no deene Froe gekuckt gëtt, wéi op där anerer Säit gekuckt gëtt no de Froen, déi sollen der Flexibilitéit vun de Betriber entgéintkommen.

Duerfir wëlle mer och derfir suergen, dass mer et fäerdeg bréngen, och recettësäiteg beim Stat méi vigilant ze ginn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war, a mir sinn och der Meinung, dass dee Steierdumpingsprozess bei de Betribssteieren an der Europäescher Unioun muss contrecarréiert ginn. Mir huele just als Beispill déi rezent Décisioun vun Däitschland, déi ab 1. Januar 2008 d’Betribssteieren op insgesamt ënner 30% wëlle kréien, woumat se um Niveau wiere vun der Stad Lëtzebuerg, y compris d’Erofsenke vum Taux, deen nach ënnert der Presenz vun der CSV am Schäfferot realiséiert ginn ass, wou mer elo op 29 Komma eppes hei an der Stad sinn. An Däitschland wäert dat ab Januar och de Fall sinn.

Do wäert mat Sécherheet nees den Drock och vun den däitsche Banken hei zu Lëtzebuerg op d’Lëtzebuurger Regierung klammen, fir och hei nees en Effort ze maachen an deem dote Beräich. An duerfir fuerdere mer un d’Adress vun der Regierung, dass, wann een engersäits esou Gesetzter mécht wéi déi, déi mer haut amgaange sinn ze diskutéieren an och aus enger Rei vu Grënn kënnen a solle stëmmen, een op där anerer Säit sech ee fir allemol och seriö mam „fiscal engineering“ muss beschäftegen, mat deenen Elementer, déi als abusiv kënne considéiert ginn, a wou mer mussen oppassen, dass et net bei de Recettë just nach fortleeft um Altor vun der Flexibilitéit, déi noutwendeg ass fir d’Betriber, déi awer net kann derzou féieren, dass d’Bënnfisser net méi do besteiert ginn, wou se erwirtschaft ginn.

Duerfir fuerderen déi Gréng un d’Adress vun der Regierung, dass se eng Etüd soll maachen zum Thema „fiscal engineering“, fir sech wierklech emol iwwert d’Ausmooss vun deem Phänomeen genee an d’Bild kënnen ze setzen, an dass mer dann och gesetzlech Rahmbedingungen schafen, fir déi dote Steierschlupflächer, déi mer net wëllen, och kënnen zouzemaachen.

Mir mengen och, dass de Premier Jean-Claude Juncker seng Stellung als Virsëtzende vum Eurogroup misst notzen, fir déi Debatt iwwert d’Bëendegung vum Steierdumping bei de Betribsgewënner virunzebréngen. Do brauche mer eng europäesch Harmoniséierung, fir eis virun all deenen negativen a schwéierwiegende Folgen an Zukunft besser kënnen ze schützen.

Mat deene Remarquen, op déi mer och eng Äntwert vum zoustännege Minister erwaarden, kënne mir och d’Zoustëmmung zu deem Projet bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Henckes huet d’Wuert nach gefrot.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verschidde Gesetzter wéi de 5611 oder d’Tubaksgesetz hunn de Mérite, dass se d’Attention dobaussen am Public ganz staark sensibiliséieren, sou dass een do ganz vill Debatten huet. Mä et gesäit een, dass et awer och hei an der Chamber eng etlech Projets de loi gëtt, wou ee muss ganz vill Fachwëssen op den Dag bréngen, déi och eng ganz grouss Importenz fir onst Land hunn an déi manifestement manner an de Medien diskutéiert ginn. Hei hu mer et mat esou engem Gesetz ze dinn.

Ech wëll duerfir dem Rapporteur, dem Patrick Santer, Merci soen an him och féliciteiere fir säin exzellenten an detaillierte schrëftleche Bericht an dee méi kuerze mëndleche Bericht, deen hien hei op der Chambertribün virbruecht huet.

An deem Gesetz wëll ech just ee Punkt ervisträichen, dat ass dee vun de Méiglechkeeten, déi duerch dëst Gesetz geschafe ginn, fir Restrukturatioun vu Betriber ze facilitéieren a méiglech ze maachen. Et war zu Lëtzebuerg bis elo äusserst komplex, wann ee wollt op dee Wee do goen. An enger Welt, wou et ëmmer méi Gruppen, grouss Gruppe gëtt mat verschidden Aktivitéiten, klenger Entreprises a PMEen och mat verschidden Aktivitéiten, wou et wichtig ass, dass eng Entreprise d’Méiglechkeet huet, fir sech vun enger Aktivitéit ze séparéieren an an eng nei Gesellschaft eranzeklammen, war dat bei eis bis elo relativ komplex a soll duerch dëst Gesetz méiglech gemaach a facilitéiert ginn. Duerfir eleng ass et richtig, dass mer dëst Gesetz haut stëmmen.

Wat mech e bësse gewonnert huet an där ganzer Debatt, ass, dass de Statsrot ons hei mat zwou Oppositions formelles begléckt huet, esou dass mer also haut nëmme kënnen en éischte Vote huelen. Ech hoffen, dass e mat engem Vote unanime vun der Chamber vläicht op seng Meinung zrëckkënn, well et manifestement a mengem Aen net an der Roll vum Statsrot ass, fir de Fortschritt och um juristesche Plang ze limitéieren a fir sech a politesch Décisiounen ze immiscéieren. De Rapporteur huet mat Recht ervirgestrach, dass et hei net ëm eng Verfassungsfro geet oder ëm e Problem vun engem internationalen Traité oder vun enger Direktiv.

Dat gesot wëll ech soen, dass den ADR e positive Vote zu deem Gesetz wäert ginn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Jaerling huet d’Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Also, Här President, no deene gudden Erklärungen vum Här Santer an och vum Här Henckes kann ech awer elo mat rouegem Gewëssen d’Zoustëmmung vu menger Fraktioun ginn.

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Minister Luc Frieden huet d’Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Jo, Här President, och vun der Säit vun der Regierung fir d’Éischt e ganz häerzleche Merci un de Rapporteur, den Här Patrick Santer, fir déi brillant Aarbecht, well et ass eng ganz schwieereg technesch Matière, wéi och eng Rei Kolleegen hei an der Chamber et gesot hunn.

Just vun der Säit vun der Regierung géing ech gären e puer Froe beäntweren, déi hei vun Deputéierte gestallt gi sinn, ugefaange mat deene vun der Madame Flesch betreffend „Wéi geet et viru mam Gesellschaftsrecht?“. Et ass meng Suerg ze kucken, dass mer d’Gesellschaftsrecht esou pragmatesch flexibel halen, dass mer konkurrenzfähig bleiwen, och am Gesellschaftsrecht. An dat heescht, vu dass mir hei Gesellschaften hunn, déi international operéieren, musse mer am Gesellschaftsrecht verschidden Optiounen proposéieren. Et ass d’Intention vun der Regierung fir an deenen nächsten dräi Méint, géing ech mengen, eng Reform vum Gesetz vun 1915 iwwert d’Sociétés commerciales ze presentéieren.

Separat dovunner wäert ech och an deenen nächste Méint, géing ech mengen, vläicht souguer virum Enn vum Joer en Text virleeën iwwert d’Responsabilité pénale vun de Personnes morales, well mer dat och international gefuerdert kréien.

Mir maachen dann och nach en Text an deenen nächste Méint iwwert d’Fusioun vu Gesellschaften, wou et dorëm geet, eng Direktiv ëmzesetzen, déi a Lëtzebuurger Recht ëmgesat gi muss.

An zum Schluss, an dat war och eng vun de Froen, déi hei opgeworf ginn ass, wëlle mer fir d’Affekoten am Affekotengesetz d’Méiglechkeet schafen, sech awer sous forme vun enger Société commerciale ze constituéieren, mä selbstverständlech domadder awer net eng kommerziell Gesellschaft ze ginn, mä en Objet civil ze behalen.

Dat kënn also alles, an ech géing mengen, innerhalb vun deenen nächsten dräi Méint hätte mer déi do Texter fäerdeg, well mer schaffe schonn déi ganzen Dräit zoun, mä och déi Texter sinn technesch héich komplex.

Wat d’Observatioun vum Här Braz ubelaangt, do wëll ech just soen, dass d’Regierung zu kengem Moment bei de Budgets- a bei den Tripartitesdiskussiounen gesot huet, dass d’Recetten an hirer Evolutioun kee Problem wären. Mir hu just gesot, de Problem läit virun allem op der Dépensésäit, well wann een iwwert déi lescht fënnef Joer de Ratio tëschent de Recetten an dem PIB

kuckt, esou gesäit een, dass dee stabil bliwwen ass, mä de Ratio tëschent den Dépensen an dem PIB ass geklommen. An et ass dofir, dass mer gesot hunn, dass den Hauptproblem op der Dépensésäit läit.

Et ass evident, an dat hu mer och gesot - nozeliesen an de Chambersbericht -, dass op der Recettésäit dee Problem ass, dass duerch déi Phänomeneen, déi den Här Braz beschriwwen huet, zum Beispill d’Kierperschaftssteuer stabil bliwwen ass an net méi en chiffre absolu geklommen ass, ob-schonns mer eng Croissance économique hunn.

Ech muss awer soen, dass een dofir keng grouss Etüde brauch ze maachen. Dofir brauch een nëmmen d’europäesch Recht ze liesen, well déi Ofschreiwungsméiglechkeeten, déi d’Entreprisë maache kënnen innerhalb vun engem groussen europäesche Bannemaart, déi sinn am europäesche Recht virgesinn. An dofir, wann een den europäesche Bannemaart huet, ass et schwieereg ze soen, déi Perten, déi Dir op enger aner Plaz gemaach hutt, kënn Dir net innerhalb vun enger Gruppelogik ofschreiwen.

Selbstverständlech sinn dat Themen, déi och am Ecofin diskutéiert ginn, mä wann hei déi gréng Fraktioun sech asetzt fir eng Harmonisatioun vun de Steieren an Europa, esou wëll ech just soen, dass éischstens déi iwwergrouss Majoritéit vun de Memberstaten an der Europäescher Unioun keng esou eng Harmonisatioun wëllen, an dass Lëtzebuerg och an der Vergaangenheet heiansdo ganz gutt dovunner gelieft huet, dass mer déi Harmonisatioun net haten.

D’Lëtzebuurger Regierung huet gesot: Mir sinn d’accord fir eng Diskussioun ze féieren iwwer notament wéi déi Assiette soll ausgesinn opgrond vun där besteiert gëtt. Doriwwer lafe fir de Moment Diskussiounen am Ecofin. Ech mengen, dat geet iwwert dese Projet raus. Mir komme bestëmmt bei de Budgetsdiskussiounen, déi elo deen nächste Mount hei am Plenum vun der Chamber sinn, ausféierlech op déi ganz Problematik vun de Steieren zrëck. An de Steieren an am Gesellschaftsrecht ass et d’Zil vun der Regierung, konkurrenzfähig ze bleiwen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Den Här Braz huet d’Wuert nach gefrot.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Just nach eng Kéier ganz kuerz, fir awer do nozekropen.

Ech schwätzen hei wuelverstane vun de Betribssteieren, an zweetens, esou wéi de Minister elo d’Äntwert ginn huet, stellen ech d’Fro dann nach eng Kéier: Heescht dat, dass den Här Minister der Meinung ass, dass mer an där do Matière all Spillraum, deen d’Lëtzebuurger Regierung huet, fir Schlupflächer ze stoppen, elo schonn erschöpft hätten? Ass dat Är Meinung?

» **M. le Président.** - Här Minister!

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech mengen, dass ech net ka fir all Dispositioun vum Steuerrecht hei déi Fro am Detail beäntweren, mä grosso modo soen ech nach eng Kéier dem Här Braz, dass et net esou ass, dass d’Memberstate kënnen...

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Grosso modo.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - ...évitéieren Ofschreiwungen ze maachen. Dat ass eng juristesche Äntwert, dat ass keng politesch Äntwert. Mä dass do europäesch Léisunge vläicht noutwendeg sinn, mag eng Pist sinn; ech mengen awer, dass de Contraire do géing erauskommen.

Well, wann een en europäesche Bannemaart huet, da muss och d’Besteuerung europäesch sinn. Da kann een net soen: Mä mir zu Lëtzebuerg besteieren alles op e Maximum, an Dir kënn aus dem Ausland näscht ofschreiwen. Soss besteet den europäesche Bannemaart net. An d’Lëtzebuurger Regierung ass der Meinung, dass d’Lëtzebuurger Entreprisë vun deem Bannemaart enorm profitéieren kënnen, an dass d’Avantagë wäit aus iwwerweien. Notament den Export vun eise Finanzdängschtleeschungen, vun eise Produkter iwwerweit méiglech aner Konsequenzen, déi aus engem europäesche Steuerrecht, wéi et fir de Moment besteet, entstinn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 4992 ass eestëmme mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

M. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Claude Meisch), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5562 iwwert d'Sociétés commerciales. Ageschriwwen si bis elo: d'Madame Flesch an den Här Klein. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Santer.

9. 5562 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales

Rapport de la Commission juridique

»»» **M. Patrick Santer** (CSV), *rapporteur*.- Här President, och bei dësem Projet de loi geet et ëm eng Ännerung, also ëm zwou Ännerunge vum Gesellschaftsrecht. Den éischte Volet ass manner wichteg, wäert awer méi Opmierksamkeet op sech zéien. Den zweete Volet ass dee wichtegsten, awer deem am mannsten attraktiven, dofir gëtt dann dobaussen net vun deem geschwat.

Also, beim éischte Volet geet et drëm, fir eng Dispositioun aus dem Gesetz vun 1915 erauszehuelen, déi wierklech géint all Gläichberechtegungsvirschrëft aus eiser Verfassung oder soss iergendengem internationale Vertrag verstéisst. En effet steet am Artikel zwee, am fënneften Alinea vum Gesetz vun 1915 geschriwwen, datt d'Autorisatioun, déi de Mann senger Fra ginn huet, fir Associée an enger Gesellschaft ze ginn, och all Actes d'administration ëmfaasst, déi d'Fra als Associée vun enger Gesellschaft ze treffen huet.

Zwar ass dës Bestëmmung an deene leschte Joren ni ugewannt ginn, an et kéint een och behaapten, datt d'Reform vun de Régimes matrimoniaux vun 1972, déi ech net konnt matstëmmen...

(Hilarité)

...- ech hat eben nëmmen zwee Joer, ech wousst emol net wat e Régime matrimonial war -, dat als implizit abrogéiert hätt, mä si huet sech regelméisseg an de koordinéierte Versioune vum Gesetz vun 1915 erëmfonnt, esou datt eng express Ofschafung vun där anachronistescher, gläichberechtigungswiddreger Bestëmmung net vu Muttwëll ass.

Den zweete Volet vum Projet de loi wäert méi déif gräifend praktesch Répercussiounen hunn. Wéi Der wësst, muss eng Société anonyme an eng Société à responsabilité e Mindestkapital vun opgeronnt 31.000 Euro, fir eng Société anonyme, an 12.500 Euro, fir eng Société à responsabilité limitée, hunn. Dofir schwätzen d'Juriste jo och vu Sociétés de capitaux.

Et gëtt och, Här President, kee Grond op dëser Welt, firwat een dës Mindestkapitalbedingunge sollt eropsetzen - soit diit en passant.

De Kapital vun enger Société anonyme ass an Aktien agedeeit, dee vun enger S.à r.l. a Parts sociales. D'Gesetz vun 1915 gesäit vir, datt d'Aktie vun enger Société anonyme eng Valeur minimale vun 1,25 Euro, d'Parts sociales vun enger S.à r.l. esou eng minimal Valeur vun 25 Euro mussen hunn. An anere Wierder, wann een nëmmen d'Mindestnormen hält, huet eng Société anonyme e Mindestkapital vun 31.000 Euro. Dat gi 24.800 Aktien à jee 1,25 Euro. Bei der Société à responsabilité limitée sinn dat 12.500 Euro, dat ginn da 500 Parts sociales à jee 25 Euro.

Et geet net aus de Viraarbechte vum Gesetz vun 1915 ervir, och net vun deem vun 1933, dat d'Société à responsabilité limitée an eist Recht agefouert huet, also et geet aus kengem Saz vun deene Viraarbechten ervir, firwat Lëtzebuerg, am Géigesaz zu sengen Nopeschlänner, esou eng Mindestvaleur fir seng Aktien a Parts sociales virgesinn huet. Et ass awer esou, datt dës Mindestvaleur haut eng onbegrënnten a völeg disproportionéiert Aschränkung am Gesellschaftsrecht duerstellt. Esou kënne Strukturierungs- a Restrukturierungsprojete méi schwéier ëmgesat ginn a si verhënnere Gesellschaften, déi am Ausland gegrënnt ginn, hei op Lëtzebuerg hire Siège ze versetzen.

Wann dës am Ausland gegrënnte Gesellschaft zum Beispill an engem aneren europäesche Stat eng minimal Valeur vun Aktie vun engem hallwen Euro oder vun engem Cent virgesinn huet, da misst, wa se hei op Lëtzebuerg géif kommen, d'ganz Actionariat op 1,25 oder méi eropgesat ginn, an da kéinte jo Aktionäre méi schlecht ewechkommen, well se e bësse Suen derbäisetzen. Well Dir wësst jo alleguerten, datt ee fraktionéiert Aktien net däerf erausginn.

Och eng Lëtzebuurger Gesellschaft kéint Problemer kréien, wann zum Beispill eng Lëtzebuurger Gesellschaft hiert Kapital an enger auslännescher Währung huet; net an Euro mä a britische Pënner oder amerikaneschen Dollaren. Eng Währungsschwankung par rapport zum Euro kéint et jo bréngen, datt op eemol deen Nominalwäert vun där Aktie ënnert deen 1,25 Eurowäert géif falen. An dobäi stellt sech nach ëmmer d'Fro vun der Sanktioun. Wat geschitt wann eng Aktie ënnert den Nominalwäert vun 1,25 Euro fält, oder wann d'Part-socialë manner wäert si wéi 25 Euro duerch zum Beispill Währungsschwankungen? D'Kapital ass abezuelt ginn an d'Gesellschaft, an eng Nullitéit vun der Gesellschaft kënnt net a Fro, well se net virgesinn ass.

Et soll een - an dat ass d'Meenung vun der Kommissioun - den Aktionären oder den Associéë bei enger S.à r.l., an deenen eleng, d'Méiglechkeet ginn, fir d'Kapital vun hirer Gesellschaft esou ze strukturéieren, esou anzedeele, wéi si et fir richtig halen, ouni mussen op d'Mindestvaleur, wou kee méi weess firwat se do sinn, zrëckzestoussen, obwuel een dann awer d'Mindestkapital vun 31.000 oder 12.500 Euro - wat och gutt, ganz gutt Zuele sinn - sollt bäibehalen. D'Ewechfale vun dëser onnéideger Contrainte wäert eng ganz Rëtsch vu positive praktesche Konsequenzen hunn, net nëmme wat déi kllassesch kommerziell Gesellschaften hunn, mä och wat Sicaven oder Sicaren - dat sinn Instrumenter vun der Finanzplaz - wäerten hunn.

De Statsrot - fir eng Kéier - wéi d'Chambre de Commerce hunn dëse Projet guttgeheescht an hunn och eng reng technesch Ännerung virgeschloen, déi mer och am Text vum Projet de loi iwwerholl hunn. D'Commission juridique huet den Text vum Projet de loi an de schrëftleche Bericht unanime ugeholl. An do ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun. Ech wëllt just dem Här Justizminister soen an em un d'Häerz leeën, e soll dee Projet de loi esou séier wéi méiglech an dem Mémorial publizéieren.

Ech soen Iech Merci.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Santer. Ech denken, de Rapporteur huet de Projet esou explizit duergeluecht. An ech hunn op alle Säiten eng grouss Zoustëmmung zu sengen Ausféierung gesinn. Ech gesinn dat och bei der Regierung. Deementspriedend kënne mer direkt zum Vote vun dësem Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5562 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. François Maroldt), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Du-

val), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5514, een Ofkommen géint den Terrorismus an d'grenziwwerschreidend Kriminalitéit. D'Rapportrice, déi honorabel Madame Doerner, huet d'Wuert. Madame Doerner!

10. 5514 - Projet de loi portant

1. approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, la République fédérale d'Allemagne, le Royaume d'Espagne, la République française, le Grand-Duché de Luxembourg, le Royaume des Pays-Bas et la République d'Autriche relatif à l'approfondissement de la coopération transfrontalière, notamment en vue de lutter contre le terrorisme, la criminalité transfrontalière et la migration illégale, signé à Prüm, le 27 mai 2005, et

2. modification de la loi du 21 décembre 2004 portant approbation du Traité entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg en matière d'intervention policière transfrontalière, signé à Luxembourg, le 8 juin 2004

3. modification de la loi du 25 août 2006 relative aux empreintes génétiques en matière pénale, et

4. modification de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

»»» **Mme Christine Doerner** (CSV), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Joer huet Lëtzebuerg an der Klengstad Prüm hei vir an der Eifel zesumme mat Däitschland, Frankräich, Spuenien, Éisträich a senge Beneluxpartner de sougenannten Traité vu Prüm ënnerschríwen. D'Zil ass d'Verdäiwung vun der polizeilecher Zesummenaarbecht, an dat ausserhalb vum EU-Kader. Den Ustouss ware Stéchwierder wéi: Terrorismus, illegal Migration, grenziwwerschreidend Kriminalitéit an engem Europa ouni Bannegrenzen.

Den Hannergrond vu Prüm ass den Amsterdamer Vertrag, deen all Biergerinnen a Bierger an der Unioun en Héichmooss vu Sécherheet wëllt bidden, an deen niewent Europol, Eurojust an dem europäeschen Haftbefehl och vun der Noutwendegkeet vun engem justizieller a polizeilecher Zesummen-

aarbecht schwätzt. Mä d'Europäesch Unioun deet sech schwéier mat der Ëmsetzung vun dësem Zil, well bis haut dës Zesummenaarbecht nach net an d'europäescht Recht iwwergaangen ass. Dat bedeit, dass d'Décisiounen nëmme mam Konsens vun all de Membere kënne geholl ginn.

Do derbäi kënnt, dass d'strofrechtlech Gewalt een Deel vun der nationaler Souveränitéit duerstellt. Dat heescht, d'EU-Bierger si weider onzefridden domadder, dass déi Kriminalitéit fräi iwwert d'Grenze goe kënnen an d'Polizisten awer net. D'Alternativ zu enger méi intensiver Zesummenaarbecht op europäeschem Niveau ass eng intergouvernemental Kooperatioun an engem fräiwëllegen a méi klengen Kader. Den Traité vu Prüm, wéi och schonns virdrun dee vu Schengen, sinn also Beispiller, wéi an der Praxis déi europäesch Instanzen zumindest an engem éischte Schratt ëmgaange kënne ginn.

Dës Method à la Prüm gefält awer net all den Eurokraten, déi hei e Virzeeche vun enger Fragmentéierung vun der Europäescher Unioun gesinn. Dës Kritik ass net berechtigt, well: 1. de Bäitrëtt zum Prüm-Ofkommen steet och aneren interesséierte Länner op; 2. de Prümer Acquis ka spéider vum EU-Recht iwwerholl ginn; 3. eng regelméisseg Berichterstattung un d'EU-Kommissioun an un de Ministerrot ass virgesinn. Am Grond ass dës fräiwëlleg Koalitioun näischt aneres wéi e virleefegt, effikasst Instrument, fir aus enger institutioneller Sackgaass erausgefannen; eng Zesummenaarbecht, déi iwwregens schlussendlech an den EU-Vertrag virgesinn ass.

Elo komme mer zum Inhalt vun dësem Traité de Prüm, dee mir haut ratifizéiere sollen. Prüm gesäit zwee Instrumenter vun Zesummenaarbecht vir: e vereinfachten Datenaustausch an en Zougeständnis vun operativer Zesummenaarbecht; zum Beispill an der Form vun Dokumentebüroder a gemeinsam Réckféierung bei illegaler Migration; gemeinsam Asazforme bei dringender Gefor, Ënnerstützung bei Katastrophen a Groussveranstaltungen; Informatiounen iwwer Tëlefonabonnementer, Waffebesëtz an Identitéitspabeieren; mä och de Begrëff vun engem arméierten, bewaffnete Flugbegleiter, déi sougenannten „Air-Marshals“, ass hei geprägt ginn.

D'Haaptuleies vu Prüm ass de vereinfachten Informatiouns austausch fir preventiv a repressiv Zwecker. Déi wesentlech Neierung besteet dodran, dass an Zukunft méi a méi séier relevant Informatiounen zwëschent de Vertragspartner fléisse kënnen. Dat ass méiglech aus zwee Grënn:

Fir d'éischt, den Austausch bezitt sech op véier Kategorië vun Daten, déi besonnesch wichteg si bei der Bekämpfung vu grenziwwerschreidender Kriminalitéit. An dat sinn DNA-Profilen, Fangerofdréck, Auto-Register-Daten an och Donnéeën iwwer potenziell Terroristen. Dës Date sollen an engem automatiséierte Verfahren de Vertragspartner direkt zur Verfügung stoen, wat e schnellen Zougrëff erméiglecht.

Et gëtt verschidde Variante vun Informatiouns austausch:

Iwwer national Kontaktstelle ginn d'Länner sech e géigesäitegen Zougrëff op hir DNA-Dateien. Mä d'Asiicht an national Datebanke vun engem anere Land féiert awer net direkt op d'Identifizéierung vun engem Betreffenen.

An engem éischte Stadium kann een also nëmme feststellen, ob en DNA-Profil schonn eventuell an engem anere Land gespäichert ginn ass. D'Identitéit kann eréischt an engem zweete Stadium, dat heescht am Kader vun enger formeller Rechtshëllef, matgedeelt ginn. Dës Prozedur gëllt och fir de Fangerofdrock.

Niewent Eenzelfall-Demanden ass och virgesinn, de Gesamtbestand vun den DNA-Spuren mat deene vun anere Vertragspartner ofzegläichen. Am Fall vun engem Hit, also vun engem Treffer, ginn déi iwwereneestëmme Indexdatesätz dann awer iwwermëttelt. Mir stelle fest, dass bei perséinlechen Daten en zweestufegt Verfahre virgesinn ass.

Bei manner sensibelen Daten accordéiere sech d'Vertragspartner e stännegen, direkt liesbaren Online-Zougrëff op hir national Datebanken, an dat iwwert d'Autoen oder